Allocution du président Fernand Muller

Assemblée générale du 4 avril 2011

Gudden Owend
Dir Dammen an Dir Hären,
Léif Kolleginnen a Kollegen,

Ech soen Iech Merci, dass dir Iech haut den Owend Zäit geholl hutt, fir an d'Generalversammlung vun der AGC ze kommen. Déi vill Memberen déi net hei sinn si wahrscheinlech voll a ganz mat der Politik vun der Regierung averstanen…

Och dëst Joer hu mir keng Politiker invitéiert. Dat hate mir schonn emol an engem Waljoer gemaach an et ware ganzer zwéin 2 Deputéierte komm. Wien intresséiert sech och scho fir Redaktere beim Stat. Dann hale mir léiwer eis Generalversammlung mat eisen treie Memberen déi all Joer bei eis kommen.

Dat gëllt besonnesch fir eis trei Grënnungsmemberen, déi Häre Maurice Schmitz, Pierre Trausch a Clement Engelman, déi ech och haut däerf begréissen. Et ware si déi 1975, zesumme mat anere motivéierte Kollegen, eis Carrières-Gewerkschaft ënner dem Numm AGC gegrënnt hunn.

Begréisse wëll ech awer och eise fréiere President de Michel Schmitz (an d'Mme) an all aner Ancienen a fréier Memberen aus dem Bureau exécutif an aus dem Comité vun der AGC.

Dësweidere begréissen ech den Här Romain Wolff, Generalsekretär vun der CGFP, den Här Georges Muller, Direkter vun der Chambre des fonctionnaires an säi Mataarbechter den Här Marc Poos.

D'lescht Joer hate mir eis Generalversammlung op dëser Plaz schonn den 8. Mäerz, wéinst de Wale fir d'Chambre des fonctionnaires. Bei deeër Geleeënheet hat ech en Appel un iech gemaach d'Lëscht vun der AGC/CGFP bei deene Walen ze ënnerstëtzen. Abee, dir hutt dat gemaach an dofir soen ech iech e grousse Merci. Mat deem gudde Resultat vun de CGFP-Lëschten ass déi national Representativitéit vun der CGFP geséchert, eppes wat an den nächste Wochen a Méint vu grousser Wichtegkeet wäert sinn.

Iwwer d'Tripartite vum leschte Joer wëll ech hei näischt méi soen, well déi sollt just derzou dénge sozial Verschlechterungen ouni Géigewand duerchzesetzen. D'Responsabilitéit vun esou béisen Décisioune muss vun der Politik gedroe ginn an net vum Patronat a scho guer net vun de Gewerkschaften.
Als gutt schlecht Beispill kann een do de Spuerpak vun der Regierung ugesinn, deen am Dezember an der Chamber gestëmmt gouf, an deen eis elo all Mount eppes kascht. Haut wësse mir, dass der Regierung an dem Patronat hir iwwerdriwwe Schwaarzmolerei vu massive Budgetsdefiziter a Staatsschold, net ubruecht war. Lëtzebuerg ass net Griechenland an och net Irland.

Am Fréijor 2010 krute mir déi sougenannten Note d'implémentation wou iwwer 10 Säiten déi grouss Linien vun der Regierung hire Reformen an der Fonction publique beschriwwe sinn.
Dësen éischte Worf vun den ugekënnegte Moossname gouf an enger Conférence des comités extraordinaire vun der CGFP eestëmmeg vun den Delegéierten refuséiert.

Um Enn vum Joer 2010 huet d'Regierung dann hiert kollosaalt Gesamtwierk vun 1119 Säiten erausginn – besser bekannt ënner dem franséischen Numm "Etude des traitements". Do steet ganz vill dran – awer net alles, well besonnesch déi héich Léin aus dem Privatsecteur an och dat wat et nach esou niewelaanscht gëtt, bleiwe bis op weideres onbekannt. Dann ass et natierlech onfair de Staatssekteur mat Privatsecteur ze vergläichen …

An der Étude stinn zwar vill intressant Saachen dran déi eemol gutt niddergeschriwwe sinn, mä wat herno an der sougenannter Gehälterrevisioun wierklech ëmgesat gëtt dat wësse mir haut nach net. Och net wat eis Carrière vum Redakter betrëfft. Eise Generalsekretär seet iech an sengem Rapport d'activité wat mir am Bureau exécutif an am Comité vun der AGC an deene vergaangenen 12 Méint geschafft hunn.

Eent kann ech iech direkt soen – et war net einfach, well mir hunn et mat engem ganz empfindleche Minister ze doen. Dat Wuert Litige héiert hie guer net gär, well nëmmen déi Gewerkschaften déi kee Litige mat der Regierung hunn, kruten eng Entrevue accordéiert. Fir d'AGC war dat den 2. Mäerz de Fall.

Mir hunn dem Minister eis Approche zum Bachelor nach eemol kloer gemaach an hien huet monter opgeschriwwen, obschonn dat ganzt Gespréich opgeholl gouf. Ech hat d'Gefill datt nach keen dem Minister kloer gesot hat, datt mir net géint de Bachelor sinn, mä nëmme géint d'Method wéi d'Regierung deen Diplom an de Staatscarrièren ënnerbrénge wëll. An den Här Neyens huet d'Stir a Fale geluecht. Wat dat genee heescht kënne mir eis nëmmen denken…

Mir wëssen also net wéi et mat der Carrière vum Redakter weidergeet. Mä, wéi schonn déi Jore virdrun, ass och am leschte Joer opgefall, dass d'Regierung ëmmer méi Employés de l'Etat (Carrière D) astellt, amplaz Fonctionnairen. D'Employéë si méi bëlleg a si 15 Joer laang "kündbar". An do wou Fonctionnaire gebraucht ginn, do sicht sech d'Regierung fäerdeg ausgebilte Redaktere mat Promotiounsexamen iwwer de Wee vum Changement d'Administration. An de leschten 12 Méint waren dat an eiser Carrière op d'manst 25 Plazen. Dat sinn der ongeféier esouvill wéi der gewéinlech an engem Staatsconcours fir Redakteren duerchkommen.

Iwwer d'Gehälterrevisioun eraus ginn et awer nach aner Neiegkeeten:

D'Zäitkonten (Projet de loi n° 6233)
Heizou wëll ech just soen, dass déi Zäitkonten zwar eng Fuerderung vun der CGFP war, mä dass et awer net dat ginn ass wat mir eis dovun erwaart haten. Kee Wonner well ausser der Gestioun (APE) sinn déi 2 Projeten (Privatsecteur a Staat) identesch. Et geet ëm d'Flexibiliséierung vun der Aarbechtszäit an dat natierlech zu Gonschte vum Patron, och dem Patron Staat.

Op dee Kont kann ee Congé dropsetzen, Iwwerstonnen an esouguer 10% vun senger Pai. Dobäi kritt een awer herno manner eraus wéi een drop gesat huet…
Am Jargon aus dem Elysée vu Paräis géif dat heeschen: « travailler plus pour gagner moins ».
A wann een da gutt ugespuert huet da kann een e laange “Congé épargne-temps“ vu minimum 3 Méint beieneen huelen. Mä déi ganz Saach ass vill méi komplizéiert wéi ech se elo hei duergestallt hunn. Liest de “Projet de loi“ a liest duerno virun allem dee ganz kriteschen Avis vun der Chambre des fonctionnaires. Dir fannt en um Site vun der Chamber (chd.lu an chfep.lu).

Réforme HM (RGD)
Do steet den Avis vun der Chambre des fonctionnaires iwwermuer um OJ an och bei deem Projet bleiwen nach Problemer, wéi z.B. d’Verlängerung vun der “Plage fixe“ nomëttes vu 16:00 op 16:30 Auer oder déi ugekënnegt Sanktioune, wann ee géint d’Regele vum HM verstéisst. Et wier jo och ze schéi gewiescht wann d’Regierung alles iwwerholl hätt aus dem spezielle Mémoire iwwer d’Reform vum HM, deen e GT vun der AGC ausgeschafft, an un d’CGFP geschéckt hat.

D’Evaluatioun an d’Erofsetze vun den Ufanksgehälter
Dat sinn natierlech déi gréisste Kuebereien déi ee sech virstelle kann an et ass ze hoffen dass d’CGFP sech op deenen zwee Punkten duerchsetze kann.

D’Ufanksgehälter:
Wann d’Stagiären direkt fir d’Verwaltungsaarbecht erugezu ginn – an dat ass de Fall – an dofir sinn se jo rekrutéiert ginn – da sollen se och vun Ufank un eng anstänneg Pai kréien.

D’Bewäertung:
Laut der “Etude des traitements“ gesäit et esou aus wéi wann domat haaptsächlech déi administrativ Beamte gemengt wieren, also och mir Redakteren. Et ass jo och nëmmen an de Ministären a Verwaltunge wou endlech dee skandaléise Schlendrian muss ophéieren a wou endlech de Leeschtungsprinzip muss agefouert ginn…

Ëm wat geet et?
Wa jiddereen op sengem Niveau seng Responsabilitéit iwwerhëlt da brauche mir kee Bewäertungssystem. A virun allem ginn et genuch Bewäertungsinstrumenter beim Staat, se musse just iwwerall genotzt ginn.

Ech kann iech d’Instrumenter opzielen, déi mir och dem Här Biltgen opgezielt hunn:

Et geet u mam Staatsconcours (objektiv)
De “Patron de stage“ (dee gefrot gëtt op de Stage no engem Joer verlängert gëtt)
Den “Examen de fin de formation générale“ um INAP (objektiv)
D'Klassement vum Ustellungsexamen (objektiv)
D’Klassement vum Promotiounsexamen (objektiv)
De Préposé oder wéi de Chef vum Service och ëmmer heescht
A ville Verwaltunge gëtt et eng intern Inspektioun

A ville Verwaltunge gëtt et eng individuell Statistik vun der deeglecher Aarbecht (objektiv)
Am “Cadre fermé“ avancéiert een net méi onbedéngt nom “Tableau d’avancement“
Bei engem Feeltrëtt kritt de Beamten en “Ordre de justification“ geschéckt a jeenodeem wéi d’Äntwert ausfält kënnt hie virun de “Commissaire de discipline“ (1 Palette vu Sanktiounen, RA: p.ex. 19 Révocatioune vun 2005 bis 2009 !)
An zu gudder Lescht kuckt och nach den Ombudsman mat Argus-Aen op déi ganz Fonction Publique – och eng Zort Bewäertung.

D'Regierung muss also d'Rad net nei erfannen.

Wann ee bedenkt datt déi Bewäertung iwwer 4 Niveauë soll goe – mat Médiateur FP – bis hin zu der “Procédure pour insuffisance professionnelle“, da weess een, dass dat do en administrativt Monster gëtt.

Dat brauche mir net an der FP, an och keng Paltongszéierei a virun allem kee politesche Favoritismus. Mir brauchen eng onofhängeg Fonction publique, wou de Beamten de Réck fräi huet bei der Applicatioun vum Gesetz.

Wann d’Bewäertung kënnt kréie besonnesch déi Beamtinnen a Beamten drënner ze leiden déi vläicht manner, dofir awer méi exakt schaffen. An d’Opportuniste wäerten ëmmer déi éischt an déi bescht sinn…

Mä virun allem däerf een hei de politeschen Hannergrond net vergiessen. Bei der Reduktioun vun den Ufanksgehälter an och bei der Bewäertung geet et der Regierung drëm de Gesamtkäschtepunkt vun der FP erofzedrécken.

Dat lescht Joer huet eis gewisen, dass et sech ëmmer rentéiert wann ee géint eppes ass. Esou konnten z.B. de bëllegen Akt an d’Kilometerpauschal gerett ginn. Ech hoffen dass dat och dëst Joer esou geet. A Saachen Ufanksgehälter a Bewäertung kann d’CGFP jiddefalls op déi voll a ganz Ënnerstëtzung vun der AGC zielen. Wat eis Carrière betrëfft do maache mir natierlech eise Match selwer. (TR > Rapport d’activité !)

Zum Schluss – an do wëll ech en Appel un iech riichten fir iech prätt ze hale wann et heescht mat der AGC an der CGFP géint Regierungsprojeten ze protestéiern. Et ass de Moment vill a Bewegung an et ass haut net virauszegesinn, wéi dat do ausgeet. Mir mussen dermat rechnen, dass an den nächste Wochen a Méint sozial Verschlechterungen an der FP duerchgesat ginn.

Mä et gëtt nach Hoffnung, well vis-à-vis hu mir eng Regierungskoalitioun déi intern ganz zerstridden ass an sech doduerch selwer schwächt.

Fir Stäerkt ze demonstréieren ginn dann ëmmer nees nei Projetë présentéiert, wéi viru kuerzem elo d’Pensiounsreform, wou een an Zukunft 43 Joer laang cotiséiere muss fir dat erauszekréie, wat een haut per Gesetz zegutt huet. Doduerch kommen déi jonk Leit méi spéit an d’Beruffsliewen eran, an déi Beamten déi zënter 1999 am Iwwerganksregime sinn, kréien d'Konditiounen eng zweete Kéier verschlechtert.

Et geet rieds vu Rentemauer an opgebrauchte Pensiounsreserven am Joer 2050 !

Kann ee Prognosen iwwer 40 Joer eescht huele, wann se vun enger Regierung kommen déi sech ëm 1 Milliard Euro ! “geiert“ huet, bei der Aschätzung vun de Steierrecetten eleng am Budgets-Joer 2010 !

Mir däerfen eis net mat falschen Zuelen an Argumenter iwwer den Dësch zéie loossen. Hei sinn d’Gewerkschafte gefuerdert, well a Saache Pensiounsreform gëtt et leider keng politesch Oppositioun méi am Land. Dat ass sécher och iwwermuer de Fall wann de Premier zur Lag vun der Natioun nees en däischtert Bild mole wäert.

Dofir mäin Opruff: Sidd solidaresch mat eis an der AGC a mat der CGFP. Probéiert w.e.g. och deene jonke Beamten ze erkläre wat op si duerkënnt, well et geet besonnesch ëm hir Carrière an hir Pensioun.

Domat sinn ech um Enn vu menger Allocutioun ukomm.

Ech soen Iech Merci.